N°2567
Entrée le 04.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Ee Post op Social Media beschreift den trauregen Dout vun engem Päerd bei engem Polo-Match. D'Päerd hat, no enger Vollbremsung, eng duebel Fraktur vum Been. Kuerzerhand gouf et vun engem Veterinär op der Plaz ageschléifert. Et bleift deen eiskalen Zweiwel am Raum, dass hei een Déier dout gemaach gouf, well et méi bëlleg ginn ass, ewéi wann een d'Déier operéiert hätt.

D'Déiereschutzgesetz verbitt et net, dass ee Proprietaire einfach esou dierf entscheeden, fir een Déier dout ze maachen, och wa medezinesch Alternativen existéieren.

Am Déiereschutzgesetz stinn zwar Artikelen iwwert d'Dout maachen vun engem Déier dran. D'Gesetz präziséiert, dass engem Déier an Nout muss gehollef ginn. D'Gesetz schreift och vir, dass een d'Déier muss betäubt ginn, éiert et dout gemaach gëtt an et net "de façon cruelle" dierf doud gemaach ginn. Präzisiounen an Detailer fënnt een dozou an engem groussherzogleche Reglement souwéi de *Convention européenne pour la protection des animaux de compagnie* vun 1987.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Kann ee Proprietaire, nom aktuelle Gesetz, decidéieren fir een Déier einfach esou anzeschléiferen, och wann et medezinesch Alternativen existéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten